N°382
Entrée le 22.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Bei der Eréffnungssëtzung vun der Chamber no de Wahlen am Oktober 2023 huet den provisoresche President vun der Chamber a senger Ried dorop higewisen, dass d'Qualitéit vun de Gesetzestexter ofgeholl huet. Beim Neijoschpatt vum Staatsrot huet de President vun dëser Institutioun ebenfalls op dës Problematik verwisen. De President vum Staatsrot huet sech dofir ausgeschwat, dass hei Ännerunge kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat wëll dës Regierung konkret géint dëse Problem maachen?
2. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu der Iddi, fir ee Service de légistique ze schafen an deen an engem Ministère unzesidelen, fir dass dësen all Projets de loi misst pour avis et correction kréien, fir d'Qualitéit vun den Texter ze verbesseren an de Staatsrot ze entlaaschten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°382
Entrée le 28.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 382 vum 22. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

D'Regierung wëllt eng héchstméiglech juristesch Qualitéit vu Gesetzestexter. Dofir plangt d'Regierung en interinstitutionellen Dialog ze féiere mat der Chamber a mam Staatsrot fir ze kucken, wéi een dëst Zil beschtméiglech ëmsetzen kann.

Dorënner ass d'Iddi vun engem Service de légistique eng vun de méigleche Pisten déi wäerten analyséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN